Groupe parlementaire

Här Claude Wiseler
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 25. November 2024

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Ekonomieminister an un den Här Ëmweltminister weiderzeleeden.

An der Äntwert op déi dréngend parlamentaresch Fro Nummer 1524 zum EU-Reglement iwwert d'Ofholze vun de Reebëscher schreift den Här Ëmweltminister, datt et lo ganz wichteg wier, fir d'Propose, d'Applikatioun vum Text ee Joer no hannen ze verréckelen, zäitno unzehuelen.

An deem Zesummenhang géif ech der Regierung nach gär dës Nofro stellen:

1) Wéi eng Moossnamen huet d'Regierung bis ewell geholl, fir d'Betriber bei der Ëmsetzung vun deem Reglement ze ënnerstëtzen?
2) Wéi géif d'Regierung dat zousätzlech Joer notzen, fir d'Betriber bei der Ëmsetzung vun deem Reglement ze ënnerstëtzen, falls d'Propose vun der Verlängerung ugeholl gëtt?
3) Wéi eng Moossname géif d'Regierung huelen, fir eis Betriber ze ënnerstëtzen, falls d'Propose d'Applikatioun vum Text ze verréckelen net méi am Delai ugeholl gëtt?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten